



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/04/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°5159 huet d'Ministesch versicht ze erklären, wiesou et zu laange Waardezäiten a groussen Diskrepanze fir Rendez-vousen am IRM an de verschiddene Spideeler ze kréie kënnt. Louch eis deemools eng Confirmation de Rendez-vous fir, bei der ee Patient aus dem CHL iwwer 80 Deeg misst op säi Rendez-vous waarden, sou läit eis haut eng *Confirmation de Rendez-vous* aus dem HRS fir, wou ee Patient 132 Deeg op säin Termin muss waarden.

Mam Schafe vun engem IRM am Oste vum Land um Potaschbiërg gouf d'Aussiicht op verkierzte Waardezäite geweckt. Des Weidere goufen dës Erwaardungen duerch d'Jugementer vum Verwaltungs- a Verfassungsgericht bestäerkt. Op Basis vum Spidolsgesetz vun 2018 gouf d'Mise en marche vum IRM um Potaschbiërg elo vun der Gesondheitsministesch gestoppt.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. D'Planung an d'Uschafe vun engem IRM kaschte vill Zäit.
Wiesou gouf d'Mise en marche vum IRM um Potaschbiërg esou kuerzfristeg gestoppt?
2. Wéi hunn sech d'Chifferen aus der parlamentarescher Fro n°4032 säit Januar entwéckelt? Wou stinn Delaie fir ee Rendez-vous fir den IRM haut?
3. Wat fir konkret Moossnaame goufe rezent ergraff, fir um informatéschen ewéi dem net-informatésche Wee den Zougang zum *Plateau de radiologie* mei effizient ze gestalten?
4. Plangt d'Madamm Ministesch de legale Kader sou ze adaptéieren, dass IRM'en am extrahospitale Milieu dierfen duerchgeféiert ginn? Falls jo, wéini wir mat dësem legale Kader ze rechnen?
5. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass d'Käschte vun dëse Servicer vun der CNS solle gedroe ginn? Wat geschidd, falls d'CNS decidéiert, dës Käschten net ze



droen?

6. Ass d'Madamm Ministesch net der Meenung, dass d'Auswäichen vu ville Patienten op IRM-Servicer am Ausland, déi si dann zum Groussdeel aus der eegener Täsch bezuele müssen, zur Entwécklung vun enger Zweek-Klasse-Medezin bäidrëit?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven

Député

